N°1710
Entrée le 24.01.2025
Chambre des Députés

D'REGIERUNG
VUM GROUSSHERZOGTUM LËTZEBUERG
Ministère fir auswäerteg an europäesch
Ugeleeënheeten, Verdeedegung,
Entwécklungszesummenaarbecht an Aussenhandel

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Entwécklungszesummenaarbecht an humanitär Ugeleeënheeten, Xavier Bettel an vun der Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet, Martine Deprez op d'parlamentaresch Fro n°1710 vum 23 Dezember 2024 vun der honorabeler Deputéiert Alexandra Schoos**

**Ad 1)**

D'Ofkommes („*cadre de partenariat stratégique 2025-2028*"), dat den 20. Dezember 2024 mam Generaldirekter vun der Weltgesondheetsorganisatioun (WHO) ënnerschriwwe gouf, ënnerstëtzt d'Ëmsetzung vun der neier Strategie 2025-2028 vun der WHO (den „*14ème programme général de travail 2025-2028*"), déi am Mee 2024 vun de WHO Memberstaaten adoptéiert gouf. Déi nei Strategie ass no sechs strategesch Objektiver strukturéiert an ass um Internetsite vun der WHO ze fannen.

**Ad 2)**

Lëtzebuerg ënnerstëtzt d'WHO duerch finanziell Bäiträg.

Den obligatoresche Membersbäitrag vu Lëtzebuerg un d'WHO gëtt vum Ministère fir Gesondheet a sozial Sécherheet iwwerwisen. De Ministère fir Gesondheet a sozial Sécherheet huet, zousätzlech zu den obligatoresche järlechen Kontributiounen un d'Weltgesondheetsorganisatioun, en Accord fir eng Kontributioun vun enger Millioun Euro iwwer 4 Joer ënnerschriwwen.

Den Ausseministère, am Kader vu senger Kooperatiounspolitik, ënnerstëtzt d'WHO duerch eng fräiwëlleg finanziell Bedeelegung.

D'Ofkommes („*cadre de partenariat stratégique 2025-2028*"), dat den 20. Dezember 2024 mam Generaldirekter vun der WHO ënnerschriwwe gouf, fält ënnert den Kompetenzberäich vum Ausseministère, wëll et sech bei de 46,5 Milliounen Euro, déi am Ofkommes formaliséiert goufen, ëm d'Entwécklungszesummenaarbecht handelt.

Lëtzebuerg, den 24. Januar 2025

Minister fir Entwécklungszesummenaarbecht
an humanitär Ugeleeënheeten
(s.) Xavier Bettel